

Brauchtum

„Iwwer de Siweschlëiferdag“

Am 27. Juni ist der Tag der sieben Brüder, im Volksmund Siebenschläferdag („Siweschlëiferdag“) genannt. Der Name stammt eigentlich von sieben jungen Christen und Schafhirten, den Brüdern Maximilianus, Malchus, Martinianus, Constantinus, Dionysius, Johannes und Serapion, die sich der Legende nach während der Christenverfolgung im Jahr 251 n. Chr. in einer Höhle des nahegelegenen Gebirges der Stadt Ephesus in Kleinasien verborgen. Sie erfuhren, daß Kaiser Decius sie suchen ließ und flehten zu Gott um seinen Beistand. Sie wurden erhört und entschliefen im Herrn. Auf Anordnung des Kaisers wurde die Höhle zugemauert. Die Brüder erwachten im Jahr 446, als ein Bauer das Mauerwerk entfernte, um sie Höhle als Schafstall zu nutzen. Über diese merkwürdige Geschichte ist schon viel gedeutet worden, und auch die Gelehrten und Forscher sind bis jetzt zu keinem eindeutigen Resultat ge-

langt. Im Morgenland genießen die sieben Heiligen eine sehr große Verehrung, und die legendäre Höhle wird den Besuchern auch heute noch gezeigt. Über den Siebenschläferdag ist schon manches geschrieben und auch gelästert worden. Bei uns ist die Volksweise „Erwachet Ihr Siebenschläfer“ als dreistimmiger Kanon bekannt, der im „Luxemburger Gaudeamus“ von Pfarrer N. Biber abgedruckt ist. Der Heimatdichter Nik. Welter schrieb, vielleicht in einer Allegorie auf die sieben Brüder der Legende, das ruhrende Gedicht „Die Siebenschläfer zu Holle- rich“, in dem die arme Frau Anna ihren sieben hungernden Kindern kein Brot geben konnte. Als die hilfsbereiten Nachbarn auf die Not der hilflosen Mutter und ihrer Kinder aufmerksam wurden und mit Fleisch und Brot aufwarteten, waren die braven und hungrigen kleinen Kinder zum Leidwesen ihrer

Mutter vor Hunger entschlafen. Nach dem Siebenschläferdag richten sich in Bauernregeln die nächsten sieben Wochen. „Ist der Siebenschläfer naß, regnet's ohne Unterlaß“, „Ist Siebenschläfer ein Regentag, regnet's noch sieben Wochen danach“. Wenn diesen überlieferten Weisheiten eine durchaus glaubwürdige Naturerfahrung zugrunde liegt, sind diese Sieben-Wochenregeln allerdings übertrieben. Nach alten Wetterbeobachtungen stimmt es, daß sich Ende Juni die Eigenart des Sommers entscheidet. Sind die letzten Tage des Juni kühl und regnerisch, so trifft das in der Regel der Jahre meist auf den ganzen Sommer zu. Herrscht in der Zeit um Siebenschläfer jedoch in West- und Mitteleuropa ein beständiges Hoch, können wir mit einem sonnigen Sommer rechnen.

gallen die „Sieben Schläfer“ als Helfer gegen Schlaflosigkeit und Fieber. Als Gegenmittel galt ein Zettel, auf den man die Namen der sieben Heiligen schrieb und beim Schlafengehen unter das Kopfkissen legte. An diesem Tag mußte man sehr früh aufstehen, um nicht ein langwieriger Langschläfer zu bleiben. Denn wer am Siebenschläferdag bis früh um sieben im Bett blieb, der tat es auch das ganze Jahr hindurch. So legte man sich vorsorglich ein paar Rosengalläpfel der Heckenrose, die auch „Schlafäpfel“ oder „Siebenschläferäpfel“ genannt wurden, unter das Kopfkissen, denn es hieß wer auf ihnen ruhe, schlafe sieben Stunden lang. Mit dem Schimpfwort „Siweschlëifer“ wird jeder bedacht, der morgens nicht aus den Federn kommt. Abschließend dieser Kinderreim: „Siweschlëifer Mellechzopp, dee steet um haalwer Mëtteg op!“

Im Volksglauben des Mittelalters

A. Toussaint

Jugendliche führten „Botz-Aktioun an der Péitrus“ durch

Im Vorfeld der Feierlichkeiten zum Nationalfeiertag hatte das „Schüler-Radio“ zu einer Säuberungsaktion im Petrußtal aufgerufen. Diese „Botz“ war die zweite Initiative der Jugendlichen nach der glücklichen Aktion „Schüler helfe Schüler am Kosovo“ am 19. Mai und geht auf den Welttag für Umwelt am 4. Juni zurück. Die Schüler aus verschiedenen Sekundarschulen wollten reagieren und zu einem besseren Schutz ihrer Umwelt beitragen.

Ziel der Aktion am Dienstag war es, das Publikum, das sich am Abend das Feuerwerk vom Petrußtal ansah, dazu zu motivieren, die Örtlichkeiten in dem Zustand zu belassen, wie sie sie vorgefunden hatten. Unterstützt wurde die Aktion des „Schüler-Radio“ vom Unterrichtsministerium.

Unter der Leitung der Mannschaft des „Schüler-Radio“ mit Alain Eilert, Chef des Projekts, Jean Weber, Pol Wagner, Romy Diederich aus dem Erziehungsministerium sowie Förster Ed Bu-



(Photo: Gaby Disewisouart)

chette machte sich eine Gruppe Jugendlicher auf den Weg, um den arglos weggeworfenen Unrat im Petrußtal einzusammeln.



861.600 LUF.

Il ne faut jamais dire jamais.

Véritable roadster 2 places - moteur central 1,8l de 120 ch. ou 1,8lVVC de 145 ch. - propulsion - suspension hydragaz double wishbone - vitres électriques - coffre de 210l - verrouillage central - alarme avec blocage du moteur...

Disponibles en 4 versions.

- MGF 1,8l 861.500 LUF
• MGF Special Edition 926.700 LUF
• MGF 75th Anniversary 945.700 LUF
• MGFVVC 994.600 LUF



IT LIVES, DO YOU?

*Prix au 1/6/1999 TTC.

Rover Luxembourg sarl
2610 Luxembourg
128 route de Thionville
29.71.74

Rover Sud sarl
4176 Esch/Alzette
2 rue Jos Kieffer
57.02.12

Rover Hosingen sarl
9806 Hosingen
6 rue Principale
92.10.76

Schmitz sarl
7535 Mersch
19 rue de la Gare
32.84.501

eng KLACK fir eis Sprooch

53

ACTIOUN LËTZEBUGESCH - EIS SPROOCH

Adressen: Breedewe, 21 L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98 L-2010
Telephon 47 06 12 / Fax 22 24 90 & 45 83 89 / Postscheck: 6644-48
Cotisation/Member: 500 Frang d'Jor



Redaktioun vun dëser KLACK:

René Faber, Lex Roth, Gast Schuller, Paul Wilmes, Roby Zenner
an de Comité vun der Actioun - Lëtzebuergesch
Nächst Klack (54): 25. 9. 1999

Schreifweislogik? franséisch...

R.F. - Mir léieren d'franséisch Sprooch an onse Schoule mat zimlech vill Krämpes; d'Grammaire as nët einfach („accord du participe passé“, subjonctif etc.), mä mir gi se ower meeschter... well mir wëllen a mussen; hei as „keng Regel ouni Ausnahm“ nun eel och eng Regel.

Mat der franséischer Schreifweis geet et och alt nët besser, vrun allem well et dacks nët esou geschwat gëtt wéi een et muss schreiben: femme ass net fomme, voir a voire as zweerlee, couvent a couvent(Verb) och; vergläicht emol de Métellaut bei doigt an doit, a firwat muss een an engem (bossege) Saz wéi dësem dräimol dselwecht soen an dräimol anescht schreiwen... „cueille la feuille dans mon œil“; firwat ginn an engem Stéck Bustawe geschriwwen, déi nët geschwat ginn... „l'omme a mi uit abi d'ouissier“? Do gëtt et keng Dissociation a keng Zermeschterei, just roude Bic a Punkten ewech!

Mir kënten nach maandelweis deer Beispiller aus der franséischer Orthographie a Grammaire bréngen, déi zwar dacks mat Geschicht an Tradition, ower näischt mat Logik ze dinn hunn, just mat Regelen, ob si „logesch“ sinn oder nët. Firwat dann nët an onser Sprooch eng Grimmel méi tolerant sinn?

Bei Däitsch, Franséisch an Englesch weise mir anere Leit nawell gär, wat mir fierdegbrengen; firwat dann nët an onser Sprooch?

Well mir do all dselwecht schreiwen, kann och jiddereen et séier liesen a schreiwen; firwat dann nët an onser Sprooch?

Ons Schreifweis huet vill vill manner Geregels, ower si huet der en etlech, déi iwwregens elo och iwwer „arrêté grand-ducal“ festgehalen ginn; firwat solle mir déi nët kenne léieren, unhuelen an anhalen?

englesch...

R.Z. - Denkt emol heiansdo iwwer aner Sproochen an hier Schreifweisen no, wa vun der Orthographie vum Lëtzebuergesche rieds geet. Praktesch a kenger Sprooch gëtt jidder Bustaf emmer an iwwerall op dëselwecht Manéier geschwat. An deem Verglach-Spill wëlle mir äis dann emol d'Englescht an apaart do de Bustaf „l“ op de Bic zéien.

Am Shakespeare senger héichklassenger Sprooch gëtt den „l“ dach geschwat... an dacks emol iwwerhaupt nët geschriwwen (fear-here-see-women/pl. - Steve); op anere Plaze gëtt hie geschriwwen, ower nët als „l“ geschwat (nice, bike). Moie Logik!

Do hält dann e Wuert mat engem „Y“ op, a mir liesen deen als „l“ (baby-copy); wa mir da mengen, d'Saach wir „gebongt“, a mir liese „buy/by“ houfreg als „bu/bi“; da leie mer ewell rëm op der Nues! Vlächicht erënnert dir iech och nach an eist koppget Beispill „near the break of the evening I felt a heat in the heart and the head“; nir, bréik, iwning, falt, hit, haart, häd“... wann dat kee „Kuddelbulli“ as, dann as eis Schreif- a Liesweis dogéint ower glasglaskloer, oder nët? A firwat soe mir dann, d'Lëtzebuergesch wier esou „schwéier“?

Wa mir en engleschen Dictionnaire duerchblidderen, da fanne mir nach kéipweis deer buuschteger Knäzle bei anere Vokalen an Docabellauer (au-ou...). Firwat gëtt do „sour/hour“ esou wéi „sauer/auer“ gelies, a woufir „cow“ och mat „au“ geschwat an ower anescht geschriwwen?

Wa mir eis Schreifweis heiansdo esou, mat engem queesche Bléck op d'Englescht genge kucken, da gife mir alleguer a vill méi séier verstoen, datt mir deem Weesekand vun Lëtzebuergesch mat eistem schlechte Wëll vill dacks Onrecht dinn. Mä wéi steet am REENERT: „De Räiche kann alt domm sinn, da wäert en nach gedeien; mä d'Dommheit bei dem Aarmen, as nimools ze verzeien“.

eng KROUN fir eis Sprooch

L.R. - Dir erënnert iech vlächicht nach un dee Lieserbréif, dee mir als Actioun-Lëtzebuergesch kritt haten a mat Begeescherung an d'Zeitung gesat hunn: et as jo grad en Däitsche gewiescht, deen äis dat Schreiwe geschéck hat, an deem et em eis Sprooch gaang as; hien (bal hat ech gesot: dee „Preis“) huet äis séng Begeescherung iwwer eis Sproochsituatioun a vrun allem fir eis eege Sprooch geschriwwen. Dee Mann vu Berlin sot, mir sollen d'Lëtzebuergesch roueg als eng eege Sprooch kucken, well wann d'Norweger an d'Dänen oder d'Tscheschen an d'Slovake vun hire Länner-Sproche géngesch wäeren, dann hätte mir fir eis Sprooch dach ganz bestëmmt datselwecht Recht; seng perséinlech Vergläicher mat dem Lëtzebuergeschen an dem Däitsche gifen him op d'mannst déi nämlecht Differenz weisen, déi een z. B. tëscht dese Sprooch-Koppele fént.

Wie sech déi sozial Funktioun vun eiser Sprooch iwwerleet, dee kënnt och ganz séier drop, datt d'Lëtzebuergesch nët an der Situatioun vun engem Dialekt ze gesin as, wéi dat gemenkerhand mat gerentschelter Nues behaupt gëtt... „wann een den Hond net ka brauchen“. Eis Sprooch gëtt vum „Klengste bis zum Däcke- ste“ geschwat; si as déi normal Sprooch an eistem Parlament; si as-a gëtt weider-lexikalesch (Dictionnaire) opgeschafft an huet eng Schreifweisregulatioun, déi iwwregens elo vun der ganzer Regierung eistem Grand-Duc fir en „arrêté grand-ducal“ proposéiert ginn as, den éischte legislative Grad direkt no engem Gesetz; d'Litteratur an eiser Sprooch léisst sech weisen, an dat esouger nach emmer méi. Domat kann ee roueg soen, datt d'Lëtzebuergesch d'Roll vun engem National-Sprooch an engem Staat spillt, deen op alle Pläng an Europa wéi an der ganzer Welt als souveränt Land respektéiert as, och wa mir äis soss nët zevill Illusiounen iwwer Gascht-Komplexer solle maachen; et kann ee jo net gaschteg iwwer ee sinn, deem et sënnerlech schlecht geet...

An Irland verstinn a schwätze knapps 3% vun de Leit eng Sprooch (Irlännesch-Galesch), déi do op iweschtem offiziellen Niveau steet; d'Leit vun der „grénger Insel“ hunn esouger drop bestan, datt d'Irlännesch och als offiziell Aarbechtsprooch an der EU ze gellen huet, wat natierlech historesch-politesch Grënn hat... no dene mir ee Gléck nët (méi) brauchen ze kucken, an dofir och

verstännegerweis keen esou e Rang fir d'Lëtzebuergesch solle verlaangen; dat vrun allem, well mir äis an eiser Sproochsituatioun esou „niewelaanscht“ jo och nach, ee Gléck! drai Héichsproche „Jeeschten“. Wann eis Sprooch ower vrun 1941 („Referendum/Personenstandsaufnahme“) eng legal Basis gehat hätt, da wier äis vlächicht munneches erspuert bliwwen... Wann an den éischten zéng Jor nom Krich an deem Sënn och direkt „Neel mat Käpp“ gemaach gi wieren, aplaz klenggepiert Gestreits iwwer eng Schreifweis, da bräichte mir haut nët méi an eistem Sënn ze wudderen; wann, wann, wann...

1948 as fir d'éischt iwwer eis Sproochsituatioun an eistem Grundgesetz/Constitution rieds gaang: „Le régime des langues... est réglé par la loi / Art. 29“, woumat natierlech d'Situatioun gemengt wor, nët extra eis Sprooch! 1984 as dann eist Sproochgesetz gestëmmt ginn, nodeem vun „deer anerer Sait“ erëm op Gielemänerchers-Fassung an der Neonazi-„Nationalzeitung“ op äis gedicht ginn as... mä firwat sollen déi Klautercher äis da méi eeschthuele wéi mir selwer? Si haten ower mat hirem Wësch just dat erreecht, wat si nët wollten, an dofir steet an deem Gesetz vum 1984 d'Lëtzebuergesch als eis Nationalprooch an als éischt nieft dem Franséischen an dem Däitschen; domat gif eis „régime des langues“ offiziell verankert, an zwar am Fellemet Artikel 29, vun eiser Constitution... ower deen Artikel schwätzt net „expressis verbis“ vun eiser Sprooch, dofir bleift nach eng klor a genee Formulatioun iwwer d'Lëtzebuergesch an d'Constitution ze setzen... a just dat as elo op deer richteger Schinn.

Mengem Schoulkommerod, dem Deputéierte Willy Bourg, hat ech am Sënn vun „eis Sprooch an d'Constitution“ dofir e Bréif an eng Text-Propos zoukomme gelooss; hien huet déi an der Chamber virgeschloen... an déi as domat am Prinzip ugeholl ginn, datt eis Chamber eestëmme dofir gestëmmt huet, den Artikel 29 fir eng Ännerung „fräizéiginn“, fir datt eis Sprooch (grad ewéi eist Nationallidd an d'National-Zeechen) vun deer neier Chamber als „Constituante“ an eist iweschent Gesetz ka gesat ginn; dat as iwregens an der franséischer Constitution (Art.2) och de Fall. E ganz grouesse MERCI fir déi „al“ an all Respekt fir déi nei Chamber!

SCHMETTERLING oder... Päiperlek Pimpampel Päipel Miller moaler Mëller

MAIKÄFER oder... Kiewerlek Meedäier Heckebeëtschel Akeschesser Wäisskiewer

wiem seng Schold?

P. W. - Et as eng Saach, wann emol ee sech driwwer entzant (?), datt hien an engem Geschäft oder an engem Wiirtschaft vlächicht ugeranzt guf, hie soll „s'il vous plaît“ Franséisch schwätzen...

dat as mir iwwregens nach ni virkomm, mä dat soll et jo ginn. Et gëtt ower nët elauter fein a frëndlech Lëtzebuerg, firwat soll et dann nëmme manéierlech Ausländer ginn?

Émgedréint hunn ech et ewell erlieft, datt ech mat engem Vendeur, dee mat „Haut an Hoer“ no Südlänner ausgesinn huet, kamouterweis direkt Franséisch geschwat hunn... a propper op Lëtzebuergesch gefrot guf, ob ech nëmme Franséisch kënnt... ech sinn ower bal net esou kéng, nach eng Kéier ze proposéieren, eis Geschäftsleit sollen hirem Personal, dat Lëtzebuergesch verstee a schwätzt, ee „badge“ dofir ginn, fir datt ee sech direkt sproochlech astelle kann: esou e Virschlag gëtt engem dach emmer vun deselwechten Ultrakosmopoliten am Mond erëmgedréint, déi zwar fir soss alles, mä nët fir hiirt Land mat séngen normale Rechter op all méiglech Tromme schloen; si profitéieren ower nawell gär dovun, dat „an der Zait“ anerer mat Misär a Leed, mat Gesondheet an Doud äis déi Rechter verschafft an erhal hunn, déi mir haut ganz gär delen, ower äis net ewechhuele loosse.

Et as dann ower eng zweet Saach, wa mir emol éierlech driwwer nodenken, wien eis Sprooch z. B. mat Vizmates-Däitsch erstéckt. Sinn dat eis Ausländer? Op kee Fall! Mir selwer verhanden d'Lëtzebuergesch a maachen eise Kanner dat schéint „Ierfstéck“ futti. Mir selwer lafen engem eenzelen Ausdruck vun iergendengem Duerf oder enger Géigend no, oder mir zermeschten äis ewéi Huertkreimer iwwer e puer lächerlech Schreifweis-Grimmelcher, andeems mir eis Sprooch d'Baach erof goe loosse. Dat huet näischt mat eise 34% Ausländer ze dinn, mä mat äis 66% Lëtzebuerg. Oder nët?

de Gast Schuller...

... as Professor an der „Logo“, also deer Schoul, wou Héieren a Schwätzen op deer éischer Plaz stinn; do as et jo dann nët verwonnerlech, datt esou e Mann och en exakt Ouer fir eis Sprooch an hir Aussprooch huet. Den Här Schuller freet héiflech a frëndlech, ob mir eise „Leit vum Micro“ net kënnen un d'Häerz leen, si sollen dach w.e.g. deen „décke SCH“ vun deem méi „dëne CH“ ennerscheden: ReSCHter/ReCHter... hie meSCHT/hie meCHT. Mir mengen, dat gif am beschte mat engem Saz als Beispill goen: „Hien huet reCHT, d'ReSCHter ze meSCHen, wann hie meSCHT meCHT“... wien dat 10mol richteg hannerenee ka soen, dee kritt séng Zong an den Zam.

Donieft gëtt den Här Schuller äis och nach e puer „Micro-Beispiller“, déi alt erëm klor weisen, vu wou, duerch wat a wien eis Sprooch ermëlzt, erseeft, ersträmt, zermuerjelt, erstéckt gëtt: ... an de Wolleken ass eng LÉCK... de Wand bleist MÉISSEG... et guf eng DammenTASCH geklaut... den Ócalen as OFGEMOUERT... de BUS HÉLT 20% vum Verkéier WOUER... abee jo, hatt den Toto Mergen do gesot. An da wier och emol nach ze bedenken, ob mir wierklech fir dat houdäitscht Wuert „SCHWANGER“ keen Ausdruck vun heimeem hunn; mir hunn der... an esouger op d'mannst drái! Mä sicht emol selwer, ob dir et besser kënnt...

Mir wëlle kenger Statioun a kengem Eenzelen op d'Zéiwen treppelen, dofir gëtt och kee mam Numm genannt; mir sinn ower sécher, datt mir no an no bei eise Radios- an TV-Leit am gudde Sënn eng éierbar Zesummenarbeit fir eis Sprooch fannen.